*Nodeems bei de Gemengewahlen d'Mme Marcelly Stark-Schmit aus eisem Comité den 18. Oktober 1987 als neie Member an de Gemengerot gewielt gouf, hu mir beschloss, sou wéi dat fréier och de Fall war, hier e Bam ze setzen.*

---

## 06.11.1987 : Mir ginn de Bam haen

De Bam (16 m laang) gouf gehaen am Gemengebësch an der Grouf. Gehollef hunn de Fierschter mat der Motorsee, e puer Leit vum Comité an de Jean-Paul Renckens mam Cegedels-Camion. Iwwer Nuet bleift de Bam do leien (et soll keen eis en an der Nuet duerchseeën).

---

## 07.11.1987 : Mir setzen de Bam

Um 9 Auer war Rendz-vous bei der Grott.

Aus der Grouf brénge mer de Bam bei d'Grott. Do gët en da schéi gemat mat Fletschen a Bänner.

Während deer Zäit hunn e puer aner Mann d'Laach fir de Bam beim Haus gemat (2 m déif !).

De Berscheids Jang huet bei der Grott d'Drëpp servéiert. D'Marcelly huet seng Leit mat Kaffi, Bréidecher an Drëpp versuergt.

Nomëttes hu mer eis dann géint ½ 3 erëm bei der Grott afond. Mam Bam om Camion fuere mer en Tour duerch d'Duerf.

Nodeems d'Musék an d'Personnalitéiten all do sinn, zéie mer am Cortège erop bei d'Haus an der Lëtzebuergerstrooss (vil Leit hu matgemat).

Do gouf dann vun eise Spezialisten de Bam gesat. D'Musék bléist den Tusch. Duerno goufen déi obligat Riede geschmass vum

- Gerry Hein fir d'Wiisser Leit (Bouquet vum Isabel Valente, eng Fläsch fir de Jang – dem Marcelly säi Mann – vum Christophe Marinheiro, d'Beess vum Gerry)
- Saksida Jacqueline fir d'Fraen a Mammen
- d'Marlène Schmit fir de Pingpong
- de Jean-Claude Hengen fir d'Musék.

D'Marcelly huet sech bedankt an d'Leit alleguerten an d'Schoul agelueden.

Alles an allem eng tipptopp gelongen Aktioun (dee leschte Bam krut – eisen Informatiounen no – den Grün Jean-Pierre gesat, dat wat 191..., 192...).